# 155 Joer Handwierk, Traditioun a Wäerter

Fir dës Editioun vum Gemengeblat hate mir d'Geleeënheet, d'Famill Schilling an hirem Betrib Lessure Workwear zu Nidderaanwen ze besichen. En Numm, deen net nëmme fir qualitativ héichwäerteg Aarbechtskleedung steet, mee och fir 155 Joer Familljentraditioun, nohaltegt Denken an eng engagéiert lokal Präsenz.

D'Geschicht vu Lessure geet zeréck op d'Joer 1870, wéi den deemolegen Ee-Mann-Betrib nach mat Päerd a Kärche vu Maart zu Maart gezunn ass, fir Stoft un d'Leit ze bréngen. Den Erfolleg huet net laang op sech waarde gelooss, a geschwënn huet d'Famill e feste Buttek op der Stater Gare opgemaach.



Mat der Zäit huet d'Demande changéiert: Amplaz vu rengem Stoft gouf ëmmer méi no fäerdeger, funktioneller Aarbechtskleedung gefrot. Dorop huet de Betrib reagéiert an d'Spezialiséierung lues a lues ausgebaut. Haut gehéiert nieft enger ganzer Bandbreet u Kleedung och eng grouss Auswiel u Sécherheets- a Schaffschong zum Sortiment.

***Wa mir net op Nidderaanwen komm wieren, da géif et eis als Geschäfft haut warscheinlech net méi ginn.***

Säit ronn 20 Joer huet de Familljebetrib, deen haut an der fënnefter, zesumme mat der sechster Generatioun geféiert gëtt, e weidert Standbeen hei zu Nidderaanwen – eng Entscheedung, déi sech séier als déi richteg erausgestallt huet. Wärend an der Stad d'Bedéngunge fir Betriber ëmmer méi schwéier gi sinn, wéinst feelende Parkplazen, logistesche Schwieregkeeten a ville Baustellen, konnt Nidderaanwen mat enger ganzer Rei Virdeeler iwwerzeegen: genuch Parkméiglechkeeten, gutt Busverbindungen an eng zentral Lag am Land. Donieft zielt och déi oppen an hëllefsbereet Haltung vun der Gemeng zu de wichtegste Grënn fir dës Entwécklung.




Wat als einfach Salle d'Exposition gestart ass, ass haut d'„Häerzstéck" vu Lessure Workwear – mat engem rezenten Neibau, deen nach méi Plaz fir Wueren a logistesch Kapazitéite bitt. Initiative vun der Gemeng, wéi zu Beispill d'Neijoersreceptioun fir Betriber an d'Weiderentwécklung vun der Industriezon droen dozou bäi, dass sech d'Entreprise net nëmme weiderentwéckele kann, mee sech och als Deel vun engem dynameschen, lokalen Netzwierk fillt.

D'Philosophie vum Betrib setzt op Berodung, Personaliséierung a Qualitéit. Aarbechtskleedung gëtt haut net méi nëmmen no Secteur gewielt, mee och no Confort, Design a Widderstandsfäegkeet. Vun de schlichten, klassesche Modeller bis zu faarwegen ausgefalene Stécker ass fir all Goût eppes dobäi. All Bestellung kann op Wonsch zousätzlech mat Logo oder Numm personaliséiert ginn an duerch déi zwou Néieschen, déi bei hinne schaffen, och a kuerzer Zäit ugepasst ginn.



Responsabel Berodung bedeit fir si awer net nëmmen de Besoin vum Client ze erfëllen, et gëtt och drop opgepasst, wou a wéi d'Wueren hiergestallt ginn an ob fair produzéiert gouf.

Duerch des bewosst Auswiel huet de Betrib en direkten Afloss op d'Kafverhale vun de Clienten. Amplaz op déi gënschtegst Optioun zeréckzegräifen, setzt Lessure konsequent op héichwäerteg a fair-gehandelt Artikelen, bei deenen Hierkonft a Produktioun transparent an nohalteg sinn. D'Cliente ginn esou – bewosst oder onbewosst – Deel vun engem nohaltege Kreeslaf.

„Eis Wäerter sinn do ganz änlech wéi déi vun der Gemeng: de Respekt virun de Matmënschen a virun der Natur", ergänzt de Gilbert Schilling. Als Vollbluttscout ass fir hien net nëmme fairen Handel wichteg, mee och d'Bewosstsi fir déi ekologesch Konsequenzen. Sou ass fir hien déi beschten Zort vu Recycling, einfach keen Offall ze produzéieren.



En zousätzleche Beweis fir dëst Engagement ass och d'Tatsaach, dass säit e puer Joer de Scoutshop vun de Lëtzebuerger Guiden a Scoute bei Lessure Workwear integréiert ass. Dëse Verkafspunkt gëtt net aus Gewënnzwecker bedriwwen, mee fir de Scouten déi beschtméiglech Zougänglechkeet zu hirem Equipement ze bidden. Sechs Deeg d'Woch kënne si elo an de Buttek kommen an op eng kompetent Berodung duerch d'Mataarbechter vu Lessure zielen, déi sech geziilt a mat vill Engagement an d'Scoutswelt erageschafft hunn. Och am Scoutsshop bleiwen si hirer Linn trei; d'Uniforme ginn an Atelieren an der Ukrain ënner faire Konditiounen hiergestallt an och d'Foularden, déi am Scoutismus eng grouss symbolesch Roll spillen, si mëttlerweil 100% Fairtrade produzéiert.

Mat hirem Engagement, hire Wäerter an hirem grousse Wëssen iwwert d'Aarbechtskleedung a Sécherheetsnorme weist d'Famill Schilling, dass een duerch Leidenschaft a Verantwortung eppes Nohalteges opbaue kann – net nëmmen als Geschäft, mee och als aktiven Deel vun der lokaler Gemeinschaft.

Mir soen dem Annick, dem Gilbert an dem Charly Schilling mam Tamara Follmann e grousse Merci fir de Bléck hannert d'Kulissen an dëst inspiréierend Gespréich, a wënschen hinnen och an Zukunft vill Erfolleg a Freed un hirer Aarbecht.

Dir wëllt nach méi iwwer Lessure Workwear gewuer ginn? Da kommt laanscht a werft e Bléck an hiert renovéiert a vergréissert Geschäft.



## Lessure Workwear

Websäit: www.lessure.lu
E.: contact@lessure.lu
T.: +352 26 94 56 56
Address: 6, rue de Münsbach,
L-6941 Niederanven